N°3938
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux et de Monsieur le Ministre de l'Economie, des PME, de l'Energie et du Tourisme à la question parlementaire n°3938 de Monsieur le Député Michel Lemaire.**

**Geet d'Regierung nach dovun aus, datt d'Passagéier vum Findel dës Joer wéi gewinnt an d'Summervakanz fléie kënnen? Falls jo, op wéi eng Prognose baséiert si sech? Falls net, gesäit d'Regierung dann zäitno vir, fir d'Leit viru méiglech Schwieregkeeten ze warnen?**

Fir de Moment gesäit d'Regierung nach kee konkrete Grond, dass d'Operatioune vum Lëtzebuerger Fluchhafen aus iwwer de Summer net kéinten assuréiert ginn.

Well d'Situatioun awer volatil ass, gëtt se vun allen implizéierten Acteure permanent verfollegt. D'Regierung huet och decidéiert ee Koordinatiounsgrupp an d'Liewen ze ruffen, fir kënnen adequat Mesuren ze ergräifen am Fall wou Enkpäss am Laf vum Joer sollten optauchen an et gëtt sech op all Eventualitéit virbereet.

**Wéi steet d'Regierung zu der Fuerderung, fir Jet Fuel A kuerzfristeg zouzeloossen? Kéint en zousätzlechen Export aus de Vereenegte Staaten Entlaaschtung bréngen?**

All Optioune fir zousätzleche Kerosin ze kréien, deen déi feelend Liwwerungen aus dem Noen Oste kéinten ersetzen, ginn analyséiert. D'Fro vun der temporärer Notzung vum Jet-A Fuel fält an de Beräich vun der Zertifizéierung a Lofttüchtegkeet vun de Fligeren (certification et navigabilité des aéronefs). D'Zouloossung ass deemno eng Fro vun der Loftfaartsécherheet, déi vum EASA-Kaderreglement (EU-Reglement 2018/1139) gereegelt gëtt an an der Kompetenz vun der europäescher Agence fir Loftsecherheet EASA läit. D'EASA muss, wann néideg, iwwer d'Konditioune fir d'Notzung vum Brennstoff entscheeden, andeems se e Safety Information Bulletin (SIB) publizéiert. D'EASA huet dann och den 8. Mee esou en SIB publizéiert, an deem et heescht, datt den Jet-A Fuel an Europa net verbueden ass, mee datt säin Asaz strikt encadréiert muss ginn, well hien en anere Gefréierpunkt huet ewéi den Jet-A1 Fuel, deen an Europa geleefeg ass.

Des Weideren mussen d'Fligeren am Aklang mat de Limite operéiert ginn, déi an hirem Fluchhandbuch (*Airframe Flight Manual - AFM*) festgeluecht sinn. Dat heescht, datt wann de Jet-A-Brennstoff net am AFM oder am Typenzertifikat opgezielt ass, en och net ka benotzt ginn.

**Geet d'Regierung dovun aus, datt eng Aussetzung vun den Oplage fir sougenannte grénge Kerosin (SAF) an der aktueller Situatioun kéint Entlaaschtung bréngen? Falls jo, sinn an deem Sënn kuerzfristeg Moossname virgesinn?**

Et sinn am Moment keng kuerzfristeg Moossnamen op europäeschem Niveau geplangt, fir d'Notzung vun nohaltege Fligerbrennstoffer (SAF) auszesetzen.

D'Benotzung an d'Produktioun vun dëse Brennstoffer sinn Deel vun enger laangfristeger Strategie fir d'Energieversuergung an d'Dekarboniséierung vum Aviatiounssecteur.  Dofir ass et wesentlech, hiren Asaz an hir Entwécklung weiderzeféieren, fir d'Ofhängegkeet vun traditionelle Brennstoffer ze reduzéieren. D'Opgi vun der SAF-Strategie wäert net méi Kapazitéit fir konventionell Brennstoffer fräimaachen.

**Wäert d'Regierung sech op EU-Niveau duerfir asetzen, datt Leit deenen hir Flich wéinst engem Mangel u Kerosin gestrach ginn, weiderhi musse vollstänneg indemniséiert ginn?**

Déi bestoend EU-Regulatioun fir Passagéierrechter an der Loftfaart garantéiert, dass bei enger Annulatioun vun engem Vol de Montant vum Ticket innerhalb vu 7 Deeg rembourséiert muss ginn oder vun der Airline en alternative Vol op d'Destinatioun proposéiert gëtt/muss ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes